Nei Publikatiounen

De Laaber-Verlag huet en neie Lexikon ënnert dem Titel „Lexikon der Orgel“ erausginn, e Wierk vu ronn 1000 Säite mat iwwer 100 zum Deel faarwege Biller. Präis: 148 Euro. Derniewent huet de Verlag och e „Lexikon des Klaviers“ (118 Euro), d’“Geschichte der Klavier- und Orgelmusik“ an 3 Bänn (168 Euro) an d’“Geschichte der Musik“ a 7 Bänn (248 Euro) erausginn. Déi Wierker sinn absolutt ze recommandéieren. Kontakt-Adress: www.laaber-verlag.de.

Vill vun eise Choralë kenne scho ganz gutt d’Revue „Voix Nouvelles“. Elo hunn d’Editions Voix Nouvelles eng nei Revue, „Orgues Nouvelles“ erausginn, eng ganz interessant Editioun net nëmme fir Organisten. Kontaktadressen: www.voix-nouvelles.com an info@voix-nouvelles.com.

40. Generalversammlung 2009

Elo schonns sollen eis Chéier sech den Datum vu samschdes, de 7. Februar 2009, nomëttes um halwer 3, mierken. Da gëtt nämlech déi 40. Generalversammlung vum Piusverband am Festsall vum Lycée Robert-Schuman um Lampertsbierg ofgehalen. D’Festreferat gëtt vum Mill Majerus, Conseiller de Gouvernement an aktive Kierchesänger, iwwert d’Thema vum Benevolat zu Lëtzebuerg gehalen.

UNION SAINT PIE X
64, rue Charles Martel L-2134 Luxembourg
Tél.: 26 20 18 99 Fax: 26 20 18 98

www.piusverband.lu
Secrétariat: saintpie@pt.lu
Centre de documentation: unionpie@pt.lu
Layout: Fernand Kridel

Piusblietchen

Informatiounsblat vum Piusverband

Nummer 3 / September 2008

Just e Wuert

Wann d’Kanner am September erëm an d’Schoul ginn, da fänkt och d’Aarbecht fir d’Kierchechéier neess un, no enger wuel verdéngter Paus an de Summerméint.

Och de Piusverband huet seng Aarbecht erëm opgeholl; mir hunn d’Summerpaus benotzt, fir äis e bëssen ze erblosen, mee och, fir nei Projeten op d’Schinnen ze setzen, wéi se an eisem Aktiounsprogramm 2007 – 2011 virgesi sinn.

De Piusverband steiert nämlech op eng Rei vun neie Projetë lass, niewent de Regionalversammlungen am September op eisen Nationale Concert a besonnesch op eise 40. Anniversaire.

De Comité Central wënscht alle Chéier en erfollegräicht Schaffen an dësem neien Aarbechtsjoer 2008/2009.

Roby ZENNER
President vum Piusverband

Regionalversammlungen 2008

De Comité Central vum Piusverband invitéiert all Memberen op d’Regionalversammlungen 2008. Eng extra Invitatioun gëtt un all Chéier verschéckt. Si ginn no dësem Programm, all Kéier owes um halwer 8, ofgehalen: 22. September: Wormer; 23. September: Hollerech; 25. September: Bieles/Metzerlach; 29. September: Clierf; 30. September: Hiefenech. Am Kader vun de Regionalversammlungen hält den Abbé Claude Bache, Aumônier vum Piusverband, e ganz interessante Virtrag iwwert d’Thema „D’Muttergottes-Veréierung zu Lëtzebuerg unhand vun eise Kierchelidder“.

Sängertreffen zu Huldang

Frëndlech Invitatioun op dat nächst Sängertreffen samsdes, den 18. Oktober 2008, owes um 6 Auer, zu Huldang.

Aufruf zur Mitarbeit bei der Aufführung der „Apocalypse“

Im kommenden Jahr 2009 wird der Piusverband sein 40. Jubiläum begehen.
Der Organisationsvorstand, dem Roby Zenner als Präsident, Albert Brauch als Vizepräsident, Lydie Jung-Jungblut als Sekretärin, Hortense Frising als Kassiererin, Marie-Anne Werner als Beraterin und Georges Kuffer, Dirigent der Proben, angehören, hat ein dreiteiliges Jubiläumsprogramm erarbeitet:
- Konzert „L'Apocalypse“, von Père André Gouzes aus der Abtei von Sylvanès in Frankreich, unter der Leitung von Jean-François Capony am Samstag, dem 23. Mai 2009, um 20 Uhr, in der Dekanatskirche in Mersch und am Sonntag, dem 24. Mai 2009, um 16 Uhr, in der Kathedrale in Luxemburg;
- Uraufführung der IV. Sinfonie von Walter Civitareale nach Texten von Franz von Assisi mit den „Pueri Cantores“ unter der Leitung von Pierre Nimax junior im November oder Dezember 2009 in der Philharmonie in Luxemburg;
- Herausgabe einer Sondernummer des „Canticum Novum“ im Dezember 2009.

Der Organisationsvorstand lädt nun interessierte Chorsängerinnen und Chorsänger ein, am einzigartigen Projekt der Aufführung der „Apocalypse“ mitzuwirken. Erhoben wird ein Unkostenbeitrag von 50 Euro pro Person, 15 Euro für Studenten und Musikschüler, zur Deckung der Unkosten. Alles in allem werden unter der Leitung von Georges Kuffer sechs Proben in Luxemburg-Stadt und drei Proben unter der Führung von Jean-François Capony abgehalten. Diejenigen unter der Leitung von Georges Kuffer finden jeweils donnerstags, von 19.30 bis 21.30 Uhr, im Festsaal des Athenäums in Luxemburg, 24, boulevard Pierre Dupong, an folgenden Daten statt: 16. und 23. Oktober, 6. und 20. November, 15. Januar und 5. Februar.
Diesbezügliche Anmeldungen nehmen bis zum 1. Oktober 2008 das Sekretariat des Piusverbandes, 64, rue Charles Martel, L-2134 Luxemburg, Tel. 26 20 18 99, Fax 26 20 18 98, E-mail saintpie@pt.lu oder Dirigent Georges Kuffer, Tel. 621 132 418, E-mail kufferge@pt.lu mit Angabe des Namens, der Adresse, der Telefonnummer und der Stimmlage Sopran/Alt/Tenor/Bass entgegen.
Weitere Einzelheiten werden den Chorsängern nach ihrer Einschreibung mitgeteilt.

VI. Concert National

Elo schonns kënnegt sech dee VI. Concert National un: d'Chorale Sainte-Cécile vu Biergem-Steebrécken-Wickréng ënnert der Leedung vum Claudette Zeimes trëtt freides, de 5. Dezember 2008, owes um 8 Auer, am Sall vun der Musique de Chambre an der Philharmonie am Kader vun eise Concertë „Fräiraim“ mat engem schéine Concert vu russescher Musik op. D'Reservéierung vun de Plaze fänkt den 1. Oktober 2008 iwwer tickets@philharmonie.lu fir 18 Euro d'Plaz un.

Prix d'encouragement fir d'Chorale Sainte-Cécile vun Téiteng

Ganz nei ass och de „Prix d'encouragement“, deen de Piusverband vun 2008 un agefouert huet. Op Grond vun engem extrae Reglement siche mir all 3 Joer Choralen, déi extra Initiativë fir d'Kierchemusik, de Kierchegesank, de Gesank vun de Kanner an de Jugendleche geholl hunn. Ënnert den agereechten Dossieren huet de Jury – Roby Zenner, Lydie Jung-Jungblut a Georges Kuffer – dee vun der Chorale Sainte-Cécile vun Téiteng zréckbehalen. Freides, den 18. Juli 2008, ass de Präis vun 250 Euro mam Diplom am Piusverband un de Prësident Guy Marx iwwerreecht ginn. Eis allerhäerzlechst Félicitatiounen.

Nei Dekoratioun: 60 Joer a méi

An Zesummenaarbecht mam Äerzbëschof vu Lëtzebuerg huet de Piusverband eng nei Dekoratioun fir déi Membere vun eise Choralen agefouert, déi wéinstens 60 Joer Activitéit opzeweisen hunn. An dësem Joër sinn eis bal 120 Memberen gemellt ginn. Si sinn elo fir freides, den 10. Oktober 2008 op en Ëmfank an de Bëschofspalais an der Stad invitéiert, op deem si en Diplom fir op d'mannst 60 Joer Mataarbecht kréien.
De Comité Central vum Piusverband félicitéiert deenen 120 Memberen fir déi héich Auszeechnung a seet hinnen e ganz grousse Merci fir hiren exemplareschen Asaz iwwer méi wéi 6 Joerzéngten.

„Messe solennelle“ vum Josy Asselborn

Verschidden Deeler vun der „Messe solennelle“ vum Josy Asselborn hate mir am Canticum Novum verëffentlecht. Well déi aner Deeler vill ze grouss waren, konnte mir se net ofdrécken. Mee wann eng Chorale drun interesséiert ass, soll se sech am Piusverband mellen, da kritt se d'Partitur vun der Mass integral geschéckt.

Neijooschëmfank 2009

Frëndlech Invitatioun op den Neijooschëmfank 2009, deen de Piusverband zesumme mat der Chorale Sainte-Cécile vu Réiser zu Réiser am Kulturzentrum organiséiert. Bis dohi ginn nach extra Invitatioune verschéckt.